# EISEN ALLDEEGLECHE WELTËNNERGANG

## KABARET STÉNKDÉIER

FREIDES, DEN 22. MÄERZ 2024

20:00 AUER

Al Schmelz
zu Stengefort



**Präis:**

20 €
1,50 € mat Kulturpass

**Gratis Entrée**

< 12 Joer &
12 – 26 Joer mat
Schüler-/Studentekaart

Umeldung

activites.steinfort.lu
Tel.: 39 93 13 1

Commune de
Steinfort

KULTURPASS

# EISEN ALLDEEGLECHE WELTËNNERGANG

vun Kabaret Sténkdéier

**An eisen haarden Zäite geet d'Welt gefillt op d'mannst eemol den Dag ënner. Mat der Apokalypse virun eis sti mer moies op a no engem mäerdereschen Amoklaf duerch de Labyrinth vu Panik a Paranoia leeë mer eis owes an d'Bett a … kënnen net aschlofen. An der Nuecht geeschtere mer wéi Zombien duerch d'Weltgeschicht.**

**Wéi solls de dobäi gesond a monter bleiwen, wéi sollen esou deng gutt Laun an deng Zouversiicht net op der Streck bleiwen? Klima a Katastroph, Tornado an Tsunami, Krich a Krawall dreiwen dech an d'Äerm vu Psychologen, Astrologen an aner chronesch Pathologen oder eeben an d'Ofhängegkeet vun hippen Designerdrogen.**

**Mee elo gëtt et Hoffnung: eis héichmotivéiert an haarttrainéiert Spezialiste vum Kabaret Sténkdéier bréngen an hirem aktuelle Programm nees Rou a Geloossenheet an Ären Alldag. Si huelen Iech zeréck op de Buedem vun den Tatsaachen a loossen Iech duerch eng rasant Klengkonschttherapie voller Witz an Humor all Äre Misär ee fir alle Mol vergiessen. An dëst alles op Käschte vun der Allgemengheet, dem groussherzoglechen Haff an all deenen aneren Dichtegen a Wichtegen oder deenen, déi sech dofir halen!**

**Et spillen : Conny Braquet, Irène Zeimes, Claude Faber, Luc Schumacher**

**Regie : Joe Heintzen a Noémie Leer**

**Texter : Roland Meyer**

**Musek : Camille Nanquette**

